

eis **Schreifweis** an e puer allgemeng Gedanken

kuerz an einfach explizéiert vum Lex Roth nom „règlement grand-ducal“ vum 30.07.99
publizéiert vun der **Actioun-Lëtzebuergesch**, an och bei hir gratis ze kréien

10.99

- **Natierlech** ka jidferree sech seng perséinlech Schreifweis (Orthographie) maachen a si déi allerbescht fannen... ower da liest keen deem anere seng, well da jidferree muss **bustawéieren, aplaz flësseg ze liesen**. Dat gëllt fir all Sproochen, och fir d' Lëtzebuergesch; denkt emol un d'Englescht: „**ea**“ gëtt 5mol anescht ausgeschwat!
- Mir winnen äis nëmmen un dat, wat **regelméisseg** erëmkënnt, gesinn a gemaach gëtt; also ass och eng Orthographie bal nëmmen duerch eng **Gewunnecht vu Regeln** an de Grëff ze kréien... dat huet vill manner mat „schwéier“ wéi mat „ongewinnt“ a Praxis ze dinn; gewinnt iech an d'Kanner u lëtzebuergesch Texter a Bicher!
- All Schreifweis riicht sech no Regeln/Normen, déi zentral festgesat ginn: dat geschitt deelweis nom Ouer (phonetesch), no der Geschicht vu Wierder (etymologesch), mä net onbedéngt no enger konsequenter „Logik“; dat glungenst Beispill dofir ass alt erëm déi englesch Orthographie, deelweis och déi franséisch.
- Well d' Lëtzebuergesch vill manner geschriwen, gedréckt a gelies gëtt wéi déi grouss Sprooche mat Milliarde vun Zeitungs- a Buchsäite pro Joer, musse mir aner Weeër goen, a mir sollen dofir och deemno méi **verstänneg an tolerant** sinn matenee sinn. De gudde Wëll an de perséinlechen Intresse bréngen hei méi wéi rout Sträpp a verluere Punkten. Wann „Diktater“, dann ower net fir engem d'Flemm anzedreiwien, mä fir aus erausgepëtzte „Knätzelen“ ze léieren.
- Wien dëst Hëllef-Blietchen „am Kapp“ huet, dee schreift eis Sprooch zu 90% richtig; fir dee leschten Detail gëtt et nach vill aner Mëttelen. Et as net geduecht, fir „duerchzekucken“, mä fir méi dacks an de Grapp ze huelen a stéckelchersweis gutt ze „knaen“. De Rescht kënnt da bal ganz duerch... d' Gewunnecht.

Wat ass **NET (méi)** an eiser Schreifweis ?

- **e´ - o´ - ß - î - û - ê - ô - ö - â - è**

net: we´h - Ke´h - le´f - wo´ - Ströß - Mòß - Fiß - gèt
mä: wéi - Kéi - léif - wou - Strooss - Mooss - Fiiss - geet

den **Ö** gëtt et nëmmen als **laangen ö** (blöd, Föhn...)

- **den h hannen a bannen ass ewech...**

wann een e bei „integrierte“ Wierder net héiert

net: Weiher - Kéier - Droht - Kouh - wouher - Johr
mä: Weier - Kéier - Drot - Kou - wouer - Jo(e)r

- **de *jh* ass ganz *eraus* !**
Jang, Jemp, jummen, just ...
- **franséisch Wierder behalen hire [^](circonflexe):**
Hôtel, Pâtisserie, Câpren...
Mä *keen* „Hittche“(méi) op Lauter, déi och am Lëtzebuergeschen duerch d'Nues ginn (Nasalen): *Chance, Timber, Chamber...*

Vokalen (i-u-e-o-a)... eenzel oder duebel ?

- de laang geschwaten **e** (*Breedewee, Feierdeeg, deelen*) ass ëmmer duebel, och wa vir- oder hannendrun en **ë** kënnt(leeën,gëeelt...); an original gebrauchten däitsche Wierder bleift den **e** eenzel (*Segen, eben, Ekel, Regel, Meter*).

PRINZIP:

1 Vokal vrun 1 Konsonant ass **laang**

birelen - Diren - tuten - hurelen - molen - Nolen -blosen - Ham - kal - Bal

1 Vokal vrun 2 Konsonanten (oder méi) ass **kuerz**

richteg - Dusch - kuschen - Kascht - Ball - Ham

dat gëllt och **elo** fir d'Verb-Formen alleguer, déi sech nom lëtzebuergesche Stack(Infinitiv) riichten an net nom däitschen:

ginn/gëff, sinn, hunn, gëtt, ass, hutt... falen/fält, gëllen/gëllt, fannen/fënnt

2 Vokale vrun 2 Konsonanten (oder méi) gi **laang** geschwat...anescht gedréint:
vrun 2 oder méi Konsonante muss de laang geschwate Vokal **duebel** geschriwwwe ginn, soss gëtt hie **kuerz** gelies!

riicht - diichten - Duuscht - Kuuscht - Haascht - laanscht - Aarbécht
richt- dicht- Dusch- kusch...

Beispiller fir ze vergläichen:

den Hond kusch fir eng Kuuscht...no der Dusch hat ech Duuscht
dee Gaascht bascht vu Gascht... d' Moss moosst d'Strooss a roost
ewéi rosen...batsch dee Baaschtert mat der Baatsch an der Kap op de Kapp...
d'Fiiss an d'Giss leien am Schloff am Schlof...looss/loss (Éislek)

- bei **zesummegegate Wierder** behält all Deel seng Schreifweis:
Al+stad, of+rapen, vir+liesen, Ur+grousspapp, Of+fall
Dat gëllt och, wann e „Genitiv-s“ dotëscht steet: *Schof-s-pelz...*

- typesch **Duebel-Lauter** (Diphthongen a „Rutschlauter“), déi mir zesoen net am Däitschen oder Franséische fannen, dacks ower am Hollänneschen oder Engleschen.

éi- féier déi béis Stéieren néierens séier

ou- grouss rout Rouse sinn zou

äi- géff äis gläich wäisse Räis

.....
äe- d'Päerd fährt d'Gäert an d'Mäert (ower net vrun engem **r** eleng:
 Kärel, Päreel, Märeel, Här, gär...)

ue- huel uewe lues Huewer, uerg fueren

ie- wien hieft hien am Hiem? (den **ie** ass ni „laangen i“ !)

ue- oe- ae ginn ewéi 2 Bustawe gelies, ni als däitschen ü-ö-ä,
 (just an Nimm): fuer am Joer Frae froen, wie liest uewent den Aen?

 mat eiser Schreifweis kann een och typesch **regional Lauter**
 schreiwen: Millermoaler, Froaen, Guaart, hiän ass derniaft...

- den **ë** steet ëmmer an der Plaz vum **kuerz betounten** däitschen **Ö**, ower **net** bei Artikelen (den, dem) oder dem Firwuert (pronom) vun der 3. Persoun (em, en, es, et):

gëlle Pëlle wëllen net (nei Ausnam!) ëmmer erëm nëmme mëll

Ënnen... de Joss gëtt dem Dëmm es... géff em fënnef Fëmmen

- den **é** steet nëmmen (nach) a kuerze **betounte** Silben:
Mécken, Réck, bécken, Béchs, Geléng, kéng... déi Échel mécht dat dréchen
 ower **net** (méi) a Besëtz-Wierder (meng, deng, seng), grad ewéi an Uertschaftsnimm, wou d'Silb **net** betount ass: *Diddeleng, Téiteng, Leideleng...*
mä: *Lénger, Réngel. Oppassen: mir hu keen È (eleng, reng, Bengel)*

- de **Schluss**-Konsonant **d-t-b-p-f-w** riicht sech nom däitsche Schrëftbild, och wann dee Konsonant am Lëtzebuergesche beim Verlängere „weech“ gëtt (Brot/broden):
Doud/dout(Tod/tot), Heed(Heide), Rad/Rat (Rad/Ratte), gutt(gut),
Brout(Brot), rout(rot), Blat(Blatt), Stëbs(Staub), Kriibs(Krebs), Ribb(Rübe),
Rëpp(Rippe), Lëpps(Lippe), Bréif(Brief), déif(tief), Léiw(Löwe)... ass keng esou Ofleedung méiglech, da gëtt den haarde Konsonant (t-p-f) geholl.

- **g** oder **ch** um Schluss?...banne bleift de „g“ nom däitsche Schrëftbild stoen: *méiglech, Bierger, Buergen, Vugel, Spiegel...*
de „g“ bleift och normalerweis um Enn wéi am Däitschen; just wann d´Silb kuerz a betount ass, schreiwe mir den „ch“:
am Krich war genuch Luch a Bedruch am Zuch...
- de **v** oder **f** als Ufanksbustaw steet nom däitsche Schrëftbild:
fëll déi viischt(vordere) Fläsche voll, ower net déi fir(für) vir(vorne)...

friem Wieder

An eiser Sprooch gëtt et kéipweis Wieder déi kee lëtzebuergesch „Gesicht“ hunn, an déi just wéi am Däitschen, Fran-séisechen, Engleschen oder Italiéinesche geschwat bleiwen;

mir kënnen äis et duerch eis Sprooche-Situatioun „leeschten“, déi normalerweis och esou wéi an der Originalsprooch ze schreiwen; dat gëtt bestëmmt och manner Verkuerbelerei an eise Schoulen.

Mir hale bei **griechesch-laténgesch+romanesche(fransésische)** Wieder hirt „Gesicht“ bäi: *Photo – Geographie – Comité . Commissioun – Chouer-Chrëschttag – Courage – Cours – Computer...* dat passt vill méi elegant a ganz logesch an eis Sprooche-Landschaft.

- den **Apostroph(´)** steet, ewéi an anere Sproochen, fir een oder méi Bustawen, déi ewechfalen... a genee op deer **Plaz**, wou si ewech gelooss ginn: *´t reent d´meescht; ´t ass d´Erna, ´t huet d´Gripp...*
- den **n** bleift bannen am Saz vrun **i-u-e-o-a / n-d-t-z-an h** (dat reimt!):
eisen Albert an ären Nobbes hunn haut een topegen Dag...
mä: *eise °Guy a °Webesch Paul hate °gëscht ee °gudde °Grëff.*
Am Geschriwene bleift den „n“ vru Komma a Ponkt stoen.

grouss a kleng, oder getrennt riicht sech nom däitsche Gebrauch!